



**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministerin fir d'Justiz, op d'parlamentaresch Fro n°6753
vum 1. September 2022 vum honorablen Deputéierten Här Marc GOERGEN**

- 1) Nee, d'Dierwiechter musse keng Bilane publizéieren.
- 2) De Justizministère huet dës Informatioun net.
- 3) Jo. Dës Montanten remuneréieren d'Prestatioune vun den Dierwiechter.
- 4) Nee, et ass net virgesinn, d'Montanten no ënnen ze revidéieren. Wéi am Punkt 3 präziséiert, remuneréieren déi Montanten d'Aarbecht vun den Dierwiechter.
- 5) Ech verstinn d'Fro sou, datt mat „Bureau d'études“, d'Etuden vun den Dierwiechter gemengt sinn. D'Dierwiechter si Fräiberuffler. D'Montanten, déi si fir verschidde Prestatioune kënnen froen, sinn am ofgeännerte Reglement vum 24ten Januar 1991 festgehalen. Hire Verdéngscht ass awer net vum Gesetz oder Reglement limitéiert. Wat d'„Moyennen u Benefice pro Joer“ ugeet, do gött op de Punkt 2 verweisen.

Lëtzebuerg, den 5 Oktober 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson